A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Léisungen

Kapitel 5

Léisungen Kapitel 5

Wéi war Är Vakanz? Säit 74-75

1. Kuckt d'Fotoen a liest d'Postkaarten. Wat fir eng Foto passt bei wat fir een Text? Schreift déi richteg Nummer bei d'Fotoen.

2. Lauschtert d'Kommentaren iwwert d'Vakanzen. Wat fir e Kommentar passt bei wat fir eng Foto? Schreift d'Zuel an de Rondel an notéiert dräi Stéchwierder bei all Foto. 95

6

4

6 Zum Beispill: Hochzäitsrees, Kaddo, Energie

5 Zum Beispill: schick iessen, d'Seine, Sonn

3

5

2 Zum Beispill: vill gereent, ni langweileg, vill Leit

1 Snowboard Schnéi vill Leit

1

2

4 Zum Beispill: Famill, vill giess, vill gelaacht

3 Zum Beispill: Erliefnis, wëll Déieren, gefaart

Léisungen Kapitel 5

Wéi war Är Vakanz? Säit 76-77

4. Liest d'Froen an d'Äntwerte vun den Dialoger. Setzt d'Äntwerten op déi richteg Plaz.

- An, wéi war är Vakanz?
- *Super! D'Wieder war zwar net genial, mä mir hunn awer immens vill gemaach.*
- Jo? Wat hutt der da gemaach?
- *Mir sinn oft an den Zentrum gefuer, fir shoppen ze goen, a mir sinn och e puer Muséeë kucke gaangen. A wann d'Wieder gutt war, si mir op d'Plage gaangen.*
- Hutt dir vill Leit kenne geléiert?
- *Jo, mir hu vill Leit um Camping getraff an e puer Fransousen op der Visite guidée vun der Stad. Si ware ganz sympathesch a mir sinn no der Visite zesummen eppes drénke gaangen.*
- A wat hutt dir owes gemaach?
- *Owes hu mer mat de Leit um Camping gechillt oder mir sinn an d'Disco gaangen.*
- Flott! Hutt dir Fotoe gemaach?
- *Jo, natierlech! Wëlls du se kucken?*

8. Liest d'Sätz. Ass dat richteg (R) oder falsch (F)? Kräizt un.

	R	F
1. De Jim reest eleng.	☐	☒
2. Hien huet den éischten Dag Nilpäerd gesinn.	☐	☒
3. Hien huet déi éischt Nuecht schlecht geschlof.	☒	☐
4. Hien huet moies d'Sonn opgoe gesinn.	☒	☐
5. De Jim huet vill Fotoe gemaach.	☒	☐
6. D'Elefanten hu bei engem Floss gedronk.	☐	☒

9. Liest de Blog nach eng Kéier a markéiert all d'Verben am Passé composé.

Dag 2, 6. Abrëll

Ech war ganz nervös an hunn déi éischt Nuecht net immens gutt geschlof. Ech hunn ëmmer esou komesch Geräischer héieren. Haut si mir laanscht e grousse Floss gefuer a mir hu bestëmmt fofzeg(!) Nilpäerd gesinn!

Dag 3, 7. Abrëll

Haut sinn ech ganz fréi erwächt, ech sinn op eis Terrass gaangen an ech hunn de Sonnenopgang gesinn. En immenst Erliefnis! Mir waren de ganzen Dag ënnerwee an ech hunn 100 000 Fotoe gemaach. Mir hunn haut fir d'éischt Elefante gesinn! Si hu bei engem Séi gedronk.

Léisungen Kapitel 5

Wéi war Är Vakanz? Säit 77

10. Notéiert den Infinitiv vun de markéierte Verben a schreift de Saz aus dem Blog dobäi.

Infinitiv	Saz
ukommen	Mir si mam Fliger zu Nairobi ukomm.
fueren	Déi ganz Grupp ass mat zwou groussen Jeepen an d'Lodge gefuer.
gesinn	Ënnerwee hu mer schonn e puer Gazellen a Giraffe gesinn.
iessen	Mir hunn zu Owend giess.
falen	Ech sinn doudmidd vun der Rees an d'Bett gefall.
schlofen	Ech hunn déi éischt Nuecht net immens gutt geschlof.
héieren	Ech hunn ëmmer esou komesch Geräischer héieren.
fueren	Haut si mir laanscht e grousse Floss gefuer.
gesinn	Mir hu bestëmmt fofzeg Nilpäerd gesinn.
erwächen	Haut sinn ech ganz fréi erwächt.
goen	Ech sinn op eis Terrass gaangen.
gesinn	Ech hunn de Sonnenopgang gesinn.
maachen	Ech hunn 100 000 Fotoe gemaach.
gesinn	Mir hunn haut fir d'éischt Elefante gesinn.
drénken	Si hu bei engem Séi gedronk.

Léisungen Kapitel 5

Wat hutt Dir haut gemaach?

Säit 78-79

2. Ass de Passé composé mam Verb hunn *oder mam Verb* sinn*? Klasséiert d'Verbe vun uewen an zwou Kolonnen.*

Vergaangenheetsform mat *hunn*	Vergaangenheetsform mat *sinn*
hien huet gedronk	hien ass erwächt
hien huet gekuckt	hien ass gefuer
hien huet geschafft	hien ass gaangen
hien huet giess	hien ass opgestanen
hien huet gemaach	hien ass ageschlof
hien huet geschwat	hien ass heemgefuer
hien huet sech ugedoen	
hien huet sech gewäsch	

5. Wat ass geschitt? Lauschtert d'Telefonsgespréich an nummeréiert d'Verben an der richteger Reiefolleg. *97*

3 de Bus huelen	8 Kleeder umoossen
10 de Portefeuille net fannen	5 mam Claudia iesse goen
9 de Portefeuille sichen	7 d'Rechnung mathuelen
1 de Portefeuille verléieren	2 schaffe fueren
4 d'Kaart net weisen	
6 d'Rechnung net direkt bezuelen	

6. Wat huet d'Madame gemaach? Wéini huet si dat gemaach? Beschreift hiren Dag.

Zum Beispill:

Moies huet si de Bus geholl an ass schaffe gefuer.

An der Mëttesstonn ass si mat enger Frëndin iesse gaangen.

Mëttes ass si bei den Dokter gaangen.

Duerno ass si an e Kleederbuttek gaangen an huet vill Kleeder ugemooss.

Mä an der Keess huet si hire Portemonnaie net fonnt an huet näischt kaf.

Zum Schluss ass si heemgefuer.

Léisungen Kapitel 5

Wéi war Äre Weekend? Säit 80

1. Kuckt d'Bild a liest d'Texter. Wat fir en Text passt bei wat fir eng Persoun? Kombinéiert.



2. Liest d'Froen a maacht e Kräiz bei de richtegen Numm.

	Tammy	Isabelle	Ben	Claude
1. Wien hat e flotte Weekend?	X	X		
2. Wien hat vill Stress?				X
3. Wien ass an d'Ausland gefuer?	X			
4. Wie war krank?			X	
5. Wien huet eppes mat der Famill gemaach?		X		X

3. Lauschtert d'Dialoger. Wie schwätzt? Notéiert d'Nimm. *98-99*

Dialog 1: **D'Isabelle** an **de Ben** schwätzen zesummen.

Dialog 2: **De Claude** an **d'Tammy** schwätzen zesummen.

Léisungen Kapitel 5

Wéi war Äre Weekend? Säit 81

4. Lauschtert d'Dialoger nach eng Kéier. Kombinéiert d'Sätz 1-8 mat de Reaktiounen A-H. *100*

1. Ech war de ganze Weekend krank.	F. Oh mei!
2. Ech mengen, ech hat d'Gripp.	B. Seriö!?
3. E Sonndeg sinn ech mat engem Hond aus dem Asyl spadséiere gaangen.	D. Ah sou!?
4. Dofir ginn ech mat den Hënn aus dem Déierenasyl spadséieren.	H. Dat fannen ech super!
5. Ech war de ganzen Weekend fort an et war immens!	A. Ah, cool!
6. Ech hunn al Frënn vun der Uni besicht.	G. Oh wéi flott!
7. An ech hat och nach vill Aarbecht...	C. Ou!?
8. Ech hat dëse Weekend wierklech keng Zäit, fir ze entspanen.	E. Dat ass schued!

5. Wat drécken d'Reaktiounen aus? Schreift se an déi richteg Kolonn.

Ech si frou fir dech.	Dat deet mir leed fir dech.	Ech sinn iwwerrascht.
Dat fannen ech super!	**Oh mei!**	**Seriö!?**
Ah, cool!	**Dat ass schued!**	**Ah sou!?**
Oh wéi flott!		**Ou!?**

Ausspro och: Sazmelodie Säit 81

2. Liest d'Sätz. Lauschtert d'Sazmelodien a markéiert d'Betounung mat engem Punkt. *102*

1 Muer ginn ech an de Kino.

2 Mir hunn de ganzen Dag gerascht.

3 Ech hat keng Zäit fir eng Paus.

Léisungen Kapitel 5

Wat maacht Dir den nächste Weekend? Säit 82-83

2. Wat sinn hir Iddie fir de Weekend? Notéiert déi verschidden Optiounen.

Méllerdall: Trëppeltour

Éislek: 'Family of Man' zu Clierf, Buerg zu Veianen, Stauséi, Naturpark

Ausfluch an eng Stad, Prag oder Paräis

3. Wéi gëtt d'Wieder zu Lëtzebuerg? Lauschtert a kräizt déi richteg Äntwert un. 104

1. Wéi ass déi aktuell Wiedersituatioun?
   - ☐ Et reent.
   - ☐ Et ass kill.
   - ☒ Et ass sonneg.

2. Wéi gëtt d'Wieder muer?
   - ☒ Et bleift d'selwecht.
   - ☐ Et gëtt besser.
   - ☐ Et gëtt méi schlecht.

3. Wéi gëtt d'Wieder e Samschdeg?
   - ☐ Et bleift dréchen a frëndlech.
   - ☒ Et gëtt méi kal an et reent.
   - ☐ Et bléist e staarke Wand.

4. Wéi gëtt d'Wieder e Sonndeg?
   - ☐ Mir kréie vill Sonn.
   - ☐ Mir kréie vill Reen.
   - ☒ Mir kréie vill Wand.

4. Wéi gëtt d'Wieder zu Paräis an zu Prag? Kuckt d'Previsiounen, liest den Text iwwert d'Meteo zu Paräis a schreift en Text iwwert d'Meteo zu Prag.

Zum Beispill:

Zu Prag schéngt d'Sonn. Et reent net an et ginn 23 Grad. De Wand bléist mat 5 bis 10 Kilometer an der Stonn. An der Nuecht reent et och net an d'Temperature falen op 16 Grad.

5. Lauschtert den Dialog a kräizt richteg (R) oder falsch (F) un. 105

	R	F
1. D'Anna an de Ben bleiwen de Weekend zu Lëtzebuerg.	☐	☒
2. D'Anna war schonn zu Prag.	☐	☒
3. D'Laurie war eng Woch zu Prag.	☒	☐
4. D'Laurie ass mam Zuch gefuer.	☐	☒
5. Et gëtt en direkte Fluch Lëtzebuerg-Prag.	☒	☐
6. D'Anna an de Ben hunn en Hotel reservéiert.	☐	☒

Léisungen Kapitel 5

Zukunftspläng Säit 84-85

1. Liest d'Texter an den Denkblosen. Schreift en Text fir d'Pläng vum Damaris a vum Edis. Schafft zu zwee.

Dem Damaris seng Pläng:

Zum Beispill:

Lo hunn ech endlech mäin Diplom a kann un deen nächste Projet denken. Ech géing gär en Haus kafen. Et muss net grouss sinn, mee et soll e klenge Gaart hunn.

Dem Edis seng Pläng:

Zum Beispill:

Ech hunn e ganz gutt Resultat an ech si immens houfreg op mäin Diplom. Dat muss ech direkt dem Stéphanie erzielen! Oh, ech sinn esou frou mat him! Mir bestueden eis an zwee Méint. ♥

3. Liest a lauschtert den Dialog. Notéiert dem André seng Pläng a Stéchwierder. Vergläicht mat Ärem Noper.

106

Famill: sech bestueden, 2 oder 3 Kanner
Aarbecht: Carrière a senger Firma
Wunnen: Appartement an der Stad
Weiderbildung: Sproochentest, Informatik

4. Kuckt d'Biller a vergläicht mam Dialog. Wat huet sech wierklech realiséiert? Wat ass anescht wéi an den Zukunftspläng? Schwätzt zu zwee.

Zum Beispill:

Den André ass net mam Anna bestuet. Hien huet eng aner Fra. Si hunn dräi Kanner, een Hond an eng Kaz.

Hie wunnt net an engem Appartement an der Stad, mä an engem Haus um Land.

Hie schafft net méi a senger Firma. Hien huet d'Aarbecht gewiesselt. Hie gëtt elo Coursen.

Hien huet de Sproochentest gepackt an hien huet d'lëtzebuergesch Nationalitéit kritt.

Léisungen Kapitel 5

Dat ass d'Liewen! Säit 86

2. Liest den Interview nach eng Kéier.
Maacht e klenge Portrait vun den dräi Gäscht.

Zum Beispill:

D'Madame Bolić kënnt aus Bosnien. Si ass viru 15 Joer op Lëtzebuerg komm. Si ass bestuet an huet dräi Kanner. Si schwätzt gutt Däitsch a Lëtzebuergesch, mä net esou gutt Franséisch.

Den Här O'Donnell ass Linguist an hie gëtt Engleschcoursen. Hien a seng Fra hunn eng Zäit an Afrika gelieft. Si wunnen elo zënter e puer Joer nees zu Lëtzebuerg. Seng Fra ass Lëtzebuergerin.

Den Här Sampaio hat 19 Joer, wéi hien an Europa komm ass. Hie war fir d'éischt a Portugal an huet do seng Fra kenne geléiert. Mä seng Fra ass Lëtzebuergerin a si wunnen elo zënter 10 Joer zu Lëtzebuerg. Hien huet Lëtzebuergesch an Owescoursen a mat der Famill geléiert.

3. Lauschtert, wat d'Radiosgäscht nach soen. Wie schwätzt?
Schreift den Numm hannert d'Zuel. *108*

Ausso 1: Madame Bolić
Ausso 2: Här O'Donnell
Ausso 3: Madame Bolić
Ausso 4: Här Sampaio
Ausso 5: Här O'Donnell
Ausso 6: Här Sampaio